N°845
Entrée le 04.06.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 04.06.2024
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 03/06/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Gesondheet weiderzeleeden.**

Ufank Juni gouf et um RTL e Sonndesinterview mat dem Chef vun der Rechtsmedezin vum LNS. Dobäi gouf och iwwert Doudesfäll bei jonke Leit geschwat. Beim plëtzleche Kandsdoud fuerdert den Dr. Thorsten Schwark, dass méi Autopsië solle gemaach ginn. Dës géifen aktuell just gemaach ginn, wann den Dokter, deen d'"Läicheschau" virhëlt, Zweifel un der Doudesursaach hätt. E plëtzleche Kandsdoud kéint laut dem Dr. Schwark awer just unhand vun enger Obduktioun an aneren zousätzlechen Ënnersichungen diagnostizéiert ginn, aner méiglech Ursaache missten dofir ausgeschloss gi sinn. Dem Dr. Schwark senger Erfarung no géif ee bei enger Obduktioun dann awer méi oft festgestallt ginn, dass et sech ëm een "*Tötungsdelikt*" gehandelt huet. Bei 3 bis 5% vun den Autopsië vu Puppelcher, déi hien am Laf vu senger Karriär gemaach hätt, wär dat nämlech de Fall gewiescht. Dem Thorsten Schwark no misst all Persoun ënner 18 Joer, déi plëtzlech verstierft, a wou keng wesentlech Virerkrankung bekannt ass, obduzéiert ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Firwat gëtt aktuell net bei alle Kanner a Mannerjäregen, bei deene keng Virerkrankunge bekannt sinn a plëtzlech verstierwen, eng Obduktioun gemaach?

2. Hätt Lëtzebuerg haut d'Kapazitéite fir dëst ze maachen? Wa nee, wéi vill zousätzlech Ressource géifen dofir gebraucht ginn, fir dass all verstuerwene Mannerjäregen, am LNS kéinten obduzéiert ginn?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten